N°832
Entrée le 31.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Kandsmësshandlung ass een eescht Thema an eis Gesellschaft muss versichen, fir all Form vu Gewalt géint Kanner z'entdecken, ze verhënneren oder ze bestrofen. An engem moderne Rechtsstaat ass d'Justiz dofir zoustänneg, fir dass dat geschitt.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Plaintë wéinst Abus géint Mannerjäreger (opgelëscht no der Form vun Abus, z.B. Abus sexuel, violence, négligence) sinn an de leschte 5 Jore bei der Police an der Justiz agaangen?

2. Wéi vill vun dësen Affaire sinn ouni weider Suite klasséiert ginn?

3. Wéi laang dauert et am Schnëtt vum Erareeche vun der Plainte bis den Dossier bei der Police evakuéiert gëtt (weidergeleet un de Parquet)?
   Wéi laang dauert et am Schnëtt vum Erareeche vun der Plainte bis den Dossier beim Parquet evakuéiert gëtt (klasséiert gëtt oder an enger Geriichtsaffär lant)?

4. Wéi vill Persoune sinn aktuell beim SCAS agestallt a wéi eng Servicer existéieren hei? Wéi huet sech d'Unzuel vun de Persounen an dëse Servicer tëschent 2018 an haut entwéckelt?

5. Wéi sollen sech d'Servicer beim SCAS personell an organisatoresch an deenen nächste 5 Joren entwéckelen (wéi eng weider Aufgabe soll de SCAS an Zukunft erfëllen a mat wéi vill Persoune soll dat geschéien)?

Mat déiwem Respekt,






CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°832
Entrée le 01.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE a vum Här Inneminister Léon GLODEN an zu der parlamentarescher Fro n°832 vum 31. Mee 2024 vun den honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT a Ben POLIDORI iwwer Kandsmësshandlung**

1. **Wéi vill Plaintë wéinst Abus géint Mannerjäreger (opgeléscht no der Form vun Abus, z.B. Abus sexuel, violence, négligence) sinn an de leschte 5 Jore bei der Police an der Justiz agaangen?**

Plainten, déi d'Police kritt, ginn un de Parquet weidergereecht a fannen sech an den Zuele vum Parquet hei drënner erëm.

Et sief am Virfeld ze bemierken, dass et bei deene verschiddene geliwwerten Zuele méiglech ass, dass eng Affär e puer Mol gezielt ginn ass, wa méi wéi eng Infraktioun an der selwechter Affär libelléiert ginn ass.

D'Zuele vun de Plaintë befanne sech a folgendem Tableau:

**Affaires nouvelles entrées aux parquets par date de prise en charge de l'affaire et par type d'infraction**

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2019-2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Attentat à la pudeur (372 CP)** | 67 | 81 | 66 | 82 | 107 | 403 |
| **Coups et blessures (401bis, 398, 399, 409 CP)** | 286 | 322 | 326 | 433 | 493 | 1860 |
| **Viol (375 CP)** | 48 | 38 | 38 | 41 | 55 | 220 |

2. **Wéi vill vun dësen Affairë sinn ouni weider Suitte klasséiert ginn?**

Et sief ze bemierken, dass eng Affär, déi zum Beispill 2023 klasséiert gouf, net onbedéngt och 2023 beim Parquet erakomm ass, mee an de Jore virdrun. D'Zuele befanne sech a folgendem Tableau:

**Affaires classées par date de l'évènement Ad Acta et par type d'infraction**

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2019-2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Attentat à la pudeur (372 CP)** | 43 | 25 | 28 | 33 | 44 | 173 |
| **Coups et blessures (401bis, 398, 399, 409 CP)** | 192 | 210 | 250 | 254 | 340 | 1246 |
| **Viol (375 CP)** | 14 | 18 | 11 | 6 | 11 | 60 |

3. **Wéi laang dauert et am Schnëtt vum Erareeche vun der Plainte bis den Dossier bei der Police evakuéiert gëtt (weidergeleet un de Parquet)? Wéi laang dauert et am Schnëtt vum Erareeche vun der Plainte bis den Dossier beim Parquet evakuéiert gëtt (klasséiert gëtt oder an enger Geriichtsaffär lant)?**

D'Police erhieft keng eege Statistik doriwwer.

Déi duerchschnëttlech Dauer an Deeg, bis d'Affär klasséiert gëtt oder de Parquet de Renvoi virun engem Geriicht freet, bzw. den Täter viru Geriicht zitéiert, kann een aus dem Tableau heidrënner bestëmmen.

Verschidde Präzisioune sinn hei néideg:

- *„Ad acta"* bedeit de Classement sans suite vun der Affär.
- *„réquisitoire renvoi/citation"* deit op de Renvoi oder d'Zitatioun vum Parquet op engem Geriicht hin.

Eng laang Dauer ass op d'Opmaache vun enger Instruktioun, déi méi zäitopwänneg ass, zeréckzeféieren.

**Durée moyenne (en jours) par année de l'évènement Ad Acta ou du réquisitoire renvoi/citation par infraction**

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Attentat à la pudeur (372 CP)** | | | | | |
| Ad Acta | | | | | |
| *Durée moyenne par année* | 322 | 297 | 282 | 304 | 256 |
| *Nb. affaires* | 43 | 25 | 28 | 33 | 44 |
| Réquisitoire renvoi ou citation | | | | | |
| *Durée moyenne par année* | 746 | 960 | 698 | 804 | 910 |
| *Nb. affaires* | 20 | 14 | 20 | 20 | 14 |
| **Coups et blessures (401bis, 398, 399, 409 CP)** | | | | | |
| Ad Acta | | | | | |
| *Durée moyenne par année* | 132 | 163 | 136 | 177 | 168 |
| *Nb. affaires* | 192 | 210 | 250 | 254 | 340 |
| Réquisitoire renvoi ou citation | | | | | |
| *Durée moyenne par année* | 306 | 316 | 523 | 487 | 430 |
| *Nb. affaires* | 42 | 30 | 35 | 50 | 38 |
| **Viol (375 CP)** | | | | | |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Ad Acta | | | | | |
| *Durée moyenne par année* | 519 | 287 | 412 | 384 | 549 |
| *Nb. affaires* | 17 | 15 | 14 | 17 | 22 |
| Réquisitoire renvoi ou citation | | | | | |
| *Durée moyenne par année* | 949 | 654 | 964 | 796 | 972 |
| *Nb. affaires* | 14 | 18 | 11 | 6 | 11 |

**Durée moyenne (en jours) par type d'infraction et année de l'évènement Ad Acta ou du réquisitoire renvoi/citation entre 2019-2023**

| | Durée moyenne | Nb. affaires |
|---|---|---|
| **Attentat à la pudeur (372 CP)** | 466 | 261 |
| **Coups et blessures (401bis, 398, 399, 409 CP)** | 192 | 1441 |
| **Viol (375 CP)** | 611 | 145 |

4. **Wéi vill Persoune sinn aktuell beim SCAS agestallt a wéi eng Servicer existéieren hei? Wéi huet sech d'Unzuel vun de Persounen an dëse Servicer tëschent 2018 an haut entwéckelt?**

Um SCAS sinn aktuell 138 Persoune agestallt.

De SCAS ëmfaasst 5 Servicer:

a) de Service vun der Protection de la jeunesse, deen an 3 Sous-Sektiounen agedeelt ass: Enquêtes sociales, Assistances éducatives a Prestations éducatives et philantrophiques ;
b) de Service vun den Affaires familiales ;
c) de Service vun den Tutelles ;
d) de Service vun der Probatioun, deen säit Mee 2024 an 2 Sous-Sektiounen agedeelt ass: Peines privatives a Peines alternatives ;
e) de Service d'aide aux victimes.

D'Unzuel vu Leit, déi an de verschiddene Servicer schaffen, ass déi folgend:

| Service / Joer | 01.01.2018 | 01.01.2019 | 31.12.2019 | 31.12.2020 | 31.12.2021 | 31.12.2022 | 31.12.2023 | 15.07.2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | | | |
| Protection de la jeunesse / Enquêtes | 32 | 34 | 32 | 39 | 41 | 40 | 40 | 48 |
| Protection de la jeunesse / Assistances éducatives | 29 | 28 | 27 | 26 | 26 | 27 | 29 | 27 |
| Protection de la jeunesse / Oeuvres philantropiques | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 |
| Service des affaires familiales | | 2 | 3 | 3 | 3 | 4 | 4 | 4 |
| Service de la probation | 21 | 23 | 22 | 21 | 25 | 24 | 25 | 25 |
| Service des tutelles | 5 | 4 | 4 | 4 | 4 | 4 | 5 | 7 |
| Service d'aide aux victimes | 5 | 5 | 6 | 6 | 7 | 6 | 5 | 6 |
| Direction | 5 | 5 | 5 | 6 | 6 | 6 | 7 | 7 |
| Divers secrétariats | 6 | 6 | 6 | 6 | 7 | 7 | 7 | 7 |
| Réception | 4 | 5 | 6 | 6 | 7 | 6 | 7 | 6 |
| | | | | | | | | |
| Total SCAS: | 108 | 113 | 112 | 118 | 127 | 125 | 130 | 138 |

5. **Wéi sollen sech d'Servicer beim SCAS personell an organisatoresch an deenen nächste 5 Joren entwéckelen (wéi eng weider Aufgabe soll de SCAS an Zukunft erfëllen a mat wéi vill Persoune soll dat geschéien)?**

Déi geplangte mëttelfristeg Entwécklung vum SCAS gesäit eng weider personnell Verstäerkung vir. Dobäi ass natierlech ze präziséieren, dass all Joer den Aarbechtspensum evaluéiert gëtt, a soumat d'Ufro u Posten dann och ugepasst gëtt.

D'Jugendschutzreform, déi vun de Gesetzesprojeten iwwert e Jugendstrofrecht (7991) an iwwert e Jugendschutzrecht (7994) gedroe gëtt, wäert eng Reorganisatioun vum Service vun der Protection de la jeunesse mat sech bréngen.

Wat d'Missiounen am Kader vum Jugendstrofrecht ugeet, hunn d'Coordinatricen, d'Mataarbechter vun der Protection de la jeunesse an d'Direktioun vum SCAS am Kader vun Aarbechtsgruppen zesummen e Konzept fir en adäquaten Encadrement fir jugendlech Stroftäter opgestallt.

An enger éischter Phas wäert den zukünftegen Service de droit pénal pour mineurs mat der Unzuel vu Mataarbechter, déi elo an der Protection de la Jeunesse schaffen, ufänken. An enger zweeter Phas wäert den Effectif u Personal op Basis vun enger Evaluatioun vun den Tâchen an dem Aarbechtspensum gegebenenfalls ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue